



Schéi Chrëschtdeeg an ee gudde Rutsch!

Joyeux Noël et une bonne fête de fin d'année !

Freedefeier: **Nëmmen tëscht 23h45 an 0h30 erlaabt**

D'Gemengeverwaltung informéiert, dass an der Silvesternuecht (31.12.25), de Gebrauch vu Freedefeier a Knupperten um Territoire vun der Gemeng Miersch just tëscht 23h45 an 0h30 erlaabt ass. Gemäss dem Artikel 26 vum Policereglement, accordéiert de Buergermeeschter eng generell Autorisatioun bannent dem genannten Zäitfënster.

Am Sënn vun engem gudde Mateneen, biede mir lech, Är Matbiergerinnen a Matbierger sou wéi d'Natur an d'Déieren ze respektéieren. Et gëtt geroden, d'Freedefeier an d'Knupperten net op Plazen ofzeschësse wou sech Déieren ophalen an alles drun ze setzen, fir Accidenter ze verhënneren.

Dat ofgebrannte Material muss vum Benotzer selwer geraumt ginn.

Nach eng zousätzlech Informatioun: D'Police mécht een Appell, fir net op dubiéist Material eranzefalen. Nëmme d'Produite vun de Kategorien F1 an F2, déi een niddrege Risk duerstellen, si fir de Verkauf un de Grand public zougelooss. Fir de Gebrauch vun deem éischte muss ee mindestens 12 Joer al sinn, déi zweet gehéieren net an d'Hänn vun engem Mannerjäregen.

**D'Gemeng Miersch seet lech Merci
fir Äert Versteesdemech!**

Feu d'artifice : **Autorisé seulement entre 23h45 et 0h30**

L'administration communale vous informe que pendant la nuit de la Saint-Sylvestre (31.12.25), l'usage des feux d'artifice et pétards sur le territoire de la commune de Mersch ne sera autorisé que de 23h45 à 0h30. En application de l'article 26 du règlement de police, le bourgmestre a décidé d'accorder une dérogation généralisée pour le créneau horaire indiqué.

Dans l'esprit d'une cohabitation respectueuse, nous vous prions de bien vouloir respecter vos concitoyens, les animaux et l'environnement. De préférence, veuillez recourir au feu d'artifice et aux pétards dans des lieux où il n'y a pas d'animaux et en mettant tout en œuvre pour éviter des accidents.

Les débris causés par vos feux d'artifices sont à enlever.

Information complémentaire : La Police grand-ducale met en garde contre l'utilisation de ces artifices. Seuls les articles de catégories F1 et F2, qui présentent un risque et un niveau sonore faibles, sont autorisés à la vente pour les particuliers. Les premiers ne peuvent être utilisés qu'à partir de 12 ans et les seconds dès 18 ans.

**La commune de Mersch vous remercie
de votre compréhension !**